ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10. August 2018

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir nohalteg Entwécklung an Infrastrukturen weiderzeleeden.

Am Kader vun der Promotioun vun der Elektromobilitéit sinn zu Lëtzebuerg eng Rei vu Bornen installéiert ginn, fir d'Opluede vun den Elektrogefierer. Anerer kommen nach dobäi.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Här Minister fir nohalteg Entwécklung an Infrastrukture gär folgend Froe stellen:

1. Wéi vill Borne vu wéi engem Typ goufe bis elo zu Lëtzebuerg installéiert?
2. Wéi vill verschidden Typpen u Borne fir Elektro-Autoe gëtt et a sinn déi standardiséiert ?
3. Wéi vill Bornen, déi ganz séier lueden, (Super-Charger-Bornen) ginn et zu Lëtzebuerg?
4. Missten an den Ae vum Här Minister där Super-Charger-Bornen net bei all Taxi-Statioun – besonnesch op der Gare an um Fluchhafen – stoen, well soss ze vill Zäit fir d'Opluede verluer geet ?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
ADR – Parti politique